PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Ëffentlech Aarbechten, Wunnéngsbau & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Duerch déi aktuell geopolitesch, ekologesch an ekonomesch Krise gerode Gebaier, déi mat fossillen Energien, wéi Gas, gehëtzt ginn, ëmmer méi an d'Kritik, dëst am Hannergrond vum Paräisser Klimaschutzaccord, deen och Lëtzebuerg 2015 mat ënnerschriwwen huet.

Et ass gewosst, dass Gas keng nohalteg Léisung fir eist Klima an d'Ëmwelt duerstellt. An enger Motioun vun *Déi Gréng* am Stater Gemengerot vum 22ten Abrëll 2022 gouf gefuerdert, dass Gebaier, déi vun der Stad gebaut ginn, net méi mat Gasheizunge sollen equipéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gebaier, déi säit 2016 vun der ëffentlecher Hand gebaut goufen, goufe mat enger Gasheizung equipéiert?
   Wéi vill Gebaier sinn aktuell nach a Planung a kréien eng Gasheizung?
   Falls keng Donnéeë virleien, kënnen d'Ministeren ausschléissen, dass vun de säit 2016 gebaute Gebäier méi wéi 75% mat Gas gehëtzt ginn?

2. Wéi vill Wunngebaier, déi vum Staat, vu staatleche Fongen oder vu Etablissements publics gebaut oder matfinanzéiert goufen, si säit 2016 mat Gasheizungen equipéiert ginn?
   Falls keng Donnéeë virleien, kënnen d'Ministeren ausschléissen, dass vun de säit 2016 gebaute Gebäier méi wéi 75% mat Gas gehëtzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député